ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Januar 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

Duerch d'Kopie vun engem Bréif vum 8. Dezember 2015 ginn d'Deputéiert informéiert, datt de Kulturministère d'Konventioun tëschent dem Lëtzebuerger Staat an der Lëtzebuerger Gesellschaft fir nei Musek (LGNM) gekënnegt huet. Dobäi sinn och d'Bureauen déi d'Gesellschaft benotze konnt gekënnegt ginn.

D'Gesellschaft, déi zanter 1983 besteet, huet grouss Meritte wat d'zäitgenësseg Musek zu Lëtzebuerg betrëfft, wéi d'Publikatioun vun der „Anthologie de la musique luxembourgeoise", d'Organisatioun vun engen internationale Concours fir Komponisten an eng ganz Rei vu Ur-Opféierungen. Dobäi gouf ëmmer e besonnesche Wäert op Komponiste geluecht, déi Lëtzebuerger sinn oder zu Lëtzebuerg wunnen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Kulturminister dës Froe stellen:

1. *Wat waren d'Grënn fir d'Konventioun mat der LGNM ze kënnegen?*
2. *Wéi héich ass d'Spuerpotenzial vun dëser Moossnam?*
3. *Wéi gëtt am Kulturministère decidéiert wéi eng Associatioune konventionéiert ginn, respektiv wéi eng Konventioune gekënnegt ginn? Ginn et dofir konkret Kritären?*
4. *Ass den neie Kulturminister bereet, d'Decisioun vu senger Virgängerin nach eemol ze iwwerdenken, respektiv d'Decisioun vun der Kënnegung réckgängeg ze maachen?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten